PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/10/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun & Medien & Finanzen weiderzeleeden.**

Ministèren an hier Verwaltunge schalte reegelméisseg Annoncen an de Lëtzebuerger Medien, fir d'Bevëlkerung op Projeten oder Ännerungen opmierksam ze maachen. Esou gesäit een zum Beispill momentan op RTL.lu eng Annonce mam Logo vum Ëmweltministère zur KlimaExpo.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Wéi vill hunn déi eenzel Ministèrë säit Ufank 2014 fir Annonce an de Medien (geprint oder online Zeitungen a Radio) ausginn (opgelëscht no Joer, Ministère an no Medium)?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député